N°3623
Entrée le 09.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 3623 vum 9. Februar 2026 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Rétroactivité des certificats de maladie dans le secteur communal".**

**1. Ass d'Regierung der Meenung, dass dës Differenz an der Behandlung tëscht Gemengebeamten an anere Statuten d'Prinzip vun der Gläichbehandlung an der Verhältnisméissegkeet respektéiert?**

D'Situatioun vun engem Beamten, dee méi ewéi 3 Deeg hannereneen aus gesondheetleche Grënn net ka schaffen, ass vum Prinzip hir fir Staats a Gemengebeamten d'selwecht gereegelt. Fir déi éischt dräi Deeg ass kee *certificat médical* néideg. Vum véierten Dag un muss den Agent allerdéngs esou e Certificat virleeën. D'Gesetz gesäit vir, dass den Agent spéitstens um véierte Krankheetsdag bei en Dokter geet, deen, wann et ubruecht ass, e Krankeschäin ausstellt.

De Statut vun de Staatsbeamte gesäit fir dass esou e Krankeschäi spéitstens 2 Deeg nodeems e vum Dokter ausgestallt ginn ass, dem Employeur muss zougestallt ginn. Esou eng Bestëmmung gëtt et aktuell net fir Gemengebeamten. Doraus entsteet awer keng Ongläichbehandlung.

**2. Firwat gi Gemengebeamten heibäi ënnerschiddlech zu Leit aus anere Statute behandelt?**

D'Obligatioun fir en Agent ab dem véierte Krankheetsdag dem Employeur e Krankeschäin zouzestellen, gëllt esouwuel fir Staats ewéi fir Gemengebeamte, esou dass d'Konditioune fir kënnen aus gesondheetleche Grënn méi ewéi 3 Deeg net ze schaffe vum Prinzip hir identesch fir de Staat ewéi fir de Gemengesecteur sinn.

**3. Wéi ass et juristesch ze rechtfäerdegen, dass d'Gemengebeamten hire Krankeschäin net retroaktiv kënnen unerkenne loossen, wann d'Aarbechtsonfäegkeet vun engem Dokter fir déi viregt Deeg medezinesch zertifizéiert gouf an d'Méiglechkeet am CNS-Regime souwéi beim Staat oder den CFL existéiert an applizéiert gëtt?**

Den Artikel 16 vum ëmgeännerte Congésreglement vun de Gemengebeamte vum 21. Oktober 1987 gesäit vir, datt de Krankeschäin vun deem Dag un valabel ass, wou e vum Dokter ausgestallt ginn ass. De Gemengebeamte brauch réischt vum véierten Dag un ee Krankeschäin vum Dokter.

Lëtzebuerg, de 9. Mäerz 2026
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden